



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d' parlamentaresch Fro n°7656 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement zum Sujet "Formation spéciale pour secouristes"

Op Nofro beim CGDIS kann ech dem Deputéierte matdeelen, dass 52 fräiwëlleg, respektiv haaptberufflech Pompjeeën den Diplom vum Rettungsassistent hunn an 2 Persounen den Diplom vum Noutfallsanitäter. Ech wéilt den Deputéierten awer och op d'Äntwert zu der parlamentarescher Fro n°7586 verweisen, an där et och ëm d'Fro ronderëm d'Unerkennung vun dësen Diplomer an déi zukünfteg Beruffsprofiller mat eventueller zousätzlecher Noutfallkompetenz beim CGDIS geet.

Lëtzebuerg, den 16/03/23.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding